LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 5 janvier 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 08:57, 05/01/2021

Objet: **Réponse de Monsieur le Ministre des Cultes à la question parlementaire n°3223 posée par l'honorable Député Monsieur Marc GOERGEN au sujet de « l'exercice du Culte dans le cadre de la pandémie de la COVID-19 ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°3223 du 30 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kultusminister, op d'parlamentaresch Fro n°3223 vum 30. November 2020 vum honorabelen Här Deputéierten Marc GOERGEN.

Ad 1):
Dem Artikel 3ter vun der *loi modifiée portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19* no kënne sech all Reliounsgemeinschaften an de Gebailechkeeten treffen déi normalerweis an exklusiv dem Ausüben vun hirem Glawen déngen.

Den Exercice vum Glawen ass awer duerch all déi aner Dispositiounen vun deem Gesetz limitéiert. Et muss ee spezifesch kucken ob aner Dispositiounen an deem Gesetz sech op de spezifesche Glawen applizéieren oder net.

Fir se alleguer gëllen awer d'Dispositiounen vum Artikel 4, Paragraphen 2 bis 6 vun dem Gesetz.

Ad 2):
D'Glawensgemeinschaften waren net um Ausschaffe vun dësem Gesetz bedeelegt. D'Gesetz ass vum Gesondheetsministère ausgeschafft ginn a Coordinatioun mam Kultusdepartement wat de Volet vun der Reliounsausübung ugeet.

De Ministère hat den 22. Mee 2020 an de 14. Dezember 2020 en Échange mat de konventionéierte Reliounsgemeinschaften fir iwwert d'Auswierkungen vun der Covidkris an hirem Secteur ze diskutéieren.

Ad 3):
Et gëtt hei op de *avis complémentaire* vum Conseil d'Etat zum *projet de loi* n°7964 verwisen : *"L'article 3ter, alinéa 2, prévoit que les établissements destinés exclusivement à l'exercice du culte sont autorisés à rester ouverts, sous condition de respecter les règles relatives aux rassemblements."*

Fir de Rescht ass d'Ausüben vun der Relioun vum Artikel 19 vun der Verfaassung geregelt. D'Regierung huet net Wëlles weider Critèren anzeféieren.

Ad 4):
E Gebai muss normalerweis an exklusiv vun enger Reliounsgemeinschaft benotzt ginn fir den *exercice du culte*.

Déi ugeschwaten Zeremonien sinn net vum Artikel 3ter (2. Alinéa) erlabt, well se sech net op Plazen ofspillen, déi normalerweis an exklusiv fir den *exercice du culte* reservéiert sinn. Wéi schonn am *commentaire des articles* erkläert, geet et hei drëms, sou Zeremonien z'évitéieren.